No3 / Abrël 2006

# INFO – BLAT

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl

**D'Amicale inviteiert lech all härzlech op traditionnel**

**Porte Ouverte am LTPEM**

**Vun 9.00 bis 17.00 Auer**

**Mir freen eis lech op eisem Stand begreissen ze kenen.**

**An deser Editioun**
Porte Ouverte
Compte rendu Generalversammlung

**Compte rendu vun der Generalversammlung 2006**

**Eis Generalversammlung** war den 20. Januar 2006 um 19.30 Auer an der Bibliotéik vum LTPEM. Ënnert de Participanten hu mir begréisst: den Direkter René Tissier, de President vum Comité Culturel Legille Pierre, de President vun de Loups Blancs Fernand Champagne an de President vun der Elterevereenegung Robert Mangers.
A senger Begréissung mécht de President e kuerzen Aperçu iwwer d'Amicale, seet alle Memberen, dem ale Comité, de Direktioun an de Comitésmembere Merci fir hier Mataarbecht, wënscht dene kranke Memberen eng séier a gutt Besserung, freet eng Gedenkminutt fir déi am vergaangene Joer verscheet Memberen.

**Am Aktivitéitsbericht** vum Secrétaire ass festzehalen :
12.3. Porte ouverte / 23.3. Journée Commémorative Mme Vve Emile Metz-Tesch
19.4. Informatiounsversammlung fir 12e. Wéi verhalen ech mech beim Virstellungsgespréich?
13.5. Diplomiwwereechung fir die nei Sekuristen. / 28.5.Porte ouverte. /
14.7. Diplomverdeelung zu Walfer. / 15.7. Ausfluch mat der Schoul / 28.10. Journée des Anciens
De Comité koum 11 mol zesummen.

**Caissëbericht** vum Trésorier. Einnamen: 3867,96 €, Ausgaben: 2976,64 €, Boni: 891.32 €
Caisserevisore Roger Mahr a Patrick Stiefer hu d'Caisse kontrolléiert, a bieden d'Assemblée de Caissier ze entlaaschten. D'Generalversammlung gëtt hiren Accord.

**Nei Caisserevisore** sinn: Roger Mahr a Legille Pierre

**Cotisatioun fir 2007** ass op 7 € festgesat ginn.

**Fir 2006 sinn dës Aktivitéite geplangt**:
- 18.3. Porte ouverte. Jus- a Schampesbar, Info a Fotoshow.
- 7.4. Journée Commémorative Mme Vve Emile Metz-Tesch
- An der Woch vum 24.4.-28.4. fir 12e. Wéi verhalen ech mech beim Virstellungsgespréich?
- 12.5. Présent bei der Octave
- 13.5. Porte ouverte mat Infostand an Eisekuchen
- 13.7. Diplomiwwereechung zu Walfer
- 27.10. Journée des Anciens
- Grillade beim Cactus Bäreldeng.
- Trëppeltour duerch Stad
- Visite vun de Kasematten.

**Am Divers ass proposéiert ginn**:

- Subsid bei der Stad Lëtzebuerg ufroen
- Zesummebrénge vu Patronen a Schüler déi eng Aarbecht sichen
- Patronen, wat fréier Schüler ware kontaktéieren
- Wou schaffen eis Schüler, déi an deene leschte 10 Joer d'Schoul verlooss hunn? Mir sollen eng Enquête machen. Direktioun ënnerstëtzt eis.